PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 10/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Gesondheet weiderzeleeden.

Laut BBC hunn 173 Länner bis elo de Covid-19 Vaccin vum Oxford-AstraZeneca benotzt, 99 de Vaccin vum Pfizer-BioNTec, 60 dee vu Sinopharm, 50 dee vu Moderna, 45 de Sputnik V Vaccin a 26 de Vaccin vu Janssen (Stand 21 Juni). Esou kann et virkommen, dass Persounen zu Lëtzebuerg mat engem Vaccin geimpft goufen, deen an hirem Zil-Land (nach) net unerkannt, respektiv net méi genotzt gëtt. An den USA zum Beispill, ass den AstraZeneca Vaccin nach net unerkannt.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat fir Ustrengunge mécht Lëtzebuerg, respektiv d'EU, am Moment, fir dass Persounen déi zu Lëtzebuerg geimpft goufen, och bei Reesen an d'USA als komplett geimpft unerkannt ginn?

2. Wat fir Ustrengunge mécht Lëtzebuerg, respektiv d'EU, am Moment, fir dass Persounen déi zu Lëtzebuerg geimpft goufen, och bei Reesen allgemeng an d'Ausland als komplett geimpft unerkannt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député